N°7122
Entrée le 04.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Eng vun den heefegsten neurologesche Stéierung bei Kanner a Jugendiecher ass ADHS, d'Aufmerksamkeitsdefizit-Hyperaktivitätsstörung. Kanner mat ADHS si Kanner mat besoins spécifiques. Wéi zum Beispill bei Kanner mat Dyslexie, kënnen och Kanner mat ADHS méi Zäit kréie fir hir Prüfungen ze schreiwen oder Aufgaben fäerdeg ze stellen. Kanner déi ënner ADHS leide brauche vill méi Energie a Konzentratioun , fir ee ganze Schouldag roueg hannert sech ze bréngen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat awer ginn et fir Mesurë fir de Kanner an der Grondschoul mat Schwéierpunkt Hyperaktivitéit an Impulskontrollstéierung ze hëllefen?

2. Wat awer ginn et fir Mesurë fir de Kanner am Lycée mat Schwéierpunkt Hyperaktivitéit an Impulskontrollstéierung ze hëllefen?

3. Wat fir eng vun deene Mesurë sinn drop ausgeluecht, fir d'Integratioun vum Kand a senger Klass ze stäerken?

4. Ginn et Uweisunge wéi een am Fall vu Bestrofunge soll mat dëse Kanner ëmgoen? Wa nee, ass de Minister der Meenung, dass et esou Uweisunge brauch, fir dem besoin spécifique vum Kand gerecht ze ginn?

5. A part vun den ugepasste Prüfungszäiten, wéi gëtt der Diagnos ADHS wärend dem gesamte Schouldag Rechnung gedroen, fir ze verhënneren, dass d'Kanner Nodeeler op Grond vun hirer Krankheet hunn?

6. Wéi a wéi oft gëtt iwwerpréift ob dës Mesuren och wirklech gräifen? Wien ass zoustänneg fir dës Kontroll?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten